



## WAT ASS DEEN CONCOURS ?

Et geet dorëms dass du een Video vun dir ophëls an deem du ons däin Karaté presentéierts an ons deen Video daan eraschëckst.
Dat kann eng Kata sinn oder Kumité Techniken (ewéi wann mir op den Bäll schaffen ) oder Kihon ewéi Fauscht an Fousstechniken , dat kann awer och eng Übung sinn esou ewéi du sie aus dem Training kennst.

## WOU KANN ECH MATMAACHEN ?

Et gin 3 Kategorien Kata , Kumité an Kihon ,
Du kanns och just an enger Kategorie matmaachen awer maximal an zwou .
Vir all eenzel Kategorie muss du een Video maachen . Nodeems du dech angeschriwwen hues kriss du vun ons eng Startnummer vir an der (deenen) Kategorie(en) wou du wëlls matmaachen .
Dann ass dat ganzt an Alter, Geschlecht an deemno och an Ceinturë opgedeelt :
U 6 = bis 5 Joer Mixte
U 8 = 6 -7 Joer Mixte
U10 = 8 - 9 Joer Masculin / Féminin
U12 = 10 - 11 Joer Masculin / Féminin
U14 = 12 -13 Joer Masculin / Féminin
U16 = 14 -15 Joer Masculin / Féminin
Ab 16 Joer Open wëiss/ giël /orange/grëng Ceinturen Masc. / Fém
.
Ab 16 Joer Open blo / brong / schwaarz Ceinturen Masc./ Fém.

## WÉI SCHREIWEN ECH MECH AN ?

Um Home Dojo Whatapp Grupp oder op dem Bip seng e-mail
bip@karatekayl.lu
Do muss däin Numm an Familljenumm , däin Alter an deng

Kategorie(en) an der (deenen) du wëlls matmaachen dranstoen kommen .
Kata – Kumité – Kihon
Awer net méi ewéi 2 Kategorien vun deenen 3 !!!!!!!
Beispill : Jempi Schmit  9 Joer Kata U10 Kumité U 10
Vir an de Whatsapp Grupp ze kommen  muss du dem Claudine oder dem Bip deng Telephonsnummer matdeelen.
Claudine :  621 544 277
Bip  : 621 15 79 78 . Wann soss nach Froen sinn de Bip unruffen .

**Anschreiwungen ginn bis spéitstens Sonndeg den 7 Juni ugeholl**

## WÉI SOLL DEEN VIDEO AUSGESINN ?
## WAT MAACHEN ECH DANN MAT DEEM VIDEO ?
## WAT GESCHITT DANN MAT DEEM VIDEO ?

Dobannen oder dobaussen dat ass egal , du muss just dofir suergen dass du genuch Plaz hues an dass et flaach genuch ronderëm dech ass .
Du solls och während dem ganzen Video emmer ganz ze gesinn sinn also
vum Kapp bis bei Féiss . Dofir wir et gutt wann een dir dobäi géif hëllefen vir dech ze filmen . Vir gutt Luucht muss du och suergen am beschten net virun enger Fënster oder voll an Sonn eran filmen .

Vir unzefänken weist du deng Startnummer aus der Katégorie an Kamera
an annoncéiers dat wat du elo présentéieren wärts .



Kata  Pinan Yondan

Dann gees du dech op déi Plaz stellen wou du wëlls unfänken .
Vir unzefänken muss du en Salut (REI) an och wann du fäerdeg bass muss du een Salut (REI) maachen .

Ech fänken un , maachen méin Salut an maachen meng Kata.





Ech sin fäerdeg an vergiëssen net méin Salut nach zum Schluss ze maachen .



Déi Zäit déi zwëschent deenen 2 Salut'en ass déi wou zielt . Sie däerf net méi kuerz ewéi 30 Sekonnen awer och net méi laang ewéi 40 Sekonnen beim Kihon an beim Kumité sinn .
Kata däerf net méi laang ewéi 1m 15 sek.  sinn .
De Video däerf och net ënnerbrach , zesummengeschnidden oder soss modifizéiert ginn sinn .

**Déin ( Deng ) Video (en) muss du den 20 Juni zwëschen 18h00 an 20h00 Auer an den Whatsapp Grupp Home Dojo eranschëcken !!!!!!**

## Net virdrun an och net méi spéit

E Jury bewäert dann déi Video'en no engem Punktesysteem an annoncéiert dann zu engem bestëmmten Zäitpunkt Resultater an Gewënner vum Concours .

## Jiddereen deen matmécht gewënnt eppes .

## WÉI MUSS ECH UGEDOEN SINN ?

## Ech muss méin Karaté-Gi an meng Ceinture undoen !!!!!!

## VILL SPAASS